Lëtzebuergesch als Friemsprooch
2. Diplom (B2)

Héierverstoen

Oflaf

Een Deel

Dir héiert 1-2 Ecoutten an Dir beäntwert d'Froen op Ärem separaten Äntwertblat.

Am Froebou sinn:
- Multiple-Choice-Froen (QCM). Dir musst déi richteg Äntwert ukräizen.
- Oppe Froen. Dir musst eng Äntwert schreiwen. (kuerz)

Är definitiv Äntwert schreift Dir op d'Äntwertblat.

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen.(keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)
Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir w.e.g. alles zesummen of.

Lëtzebuergesch als Friemsprooch
2. Diplom (B2)

Liesverstoen

Oflaf

Dir hutt 20 Minutten Zäit.

Een Deel
1-2 Liestexter, Angabeblieder mat de Froen + Äntwertblieder.

Am Froebou sinn:
1) Multiple-Choice-Froen (QCM). Dir musst déi richteg Äntwert ukräizen.
2) Oppe Froen. Dir musst eng Äntwert schreiwen. (kuerz)

Är definitiv Äntwert drot Dir um Äntwertblat an.

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen.(keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)
Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir w.e.g. alles zesummen of.

Lëtzebuergesch als Friemsprooch
2. Diplom (B2)

Mëndlechen Ausdrock

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen.(keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)

De ganzen Examen (1. Deel an 2.Deel) dauert tëschent 15 an 20 Minutten. (+ 15 Minutte Preparatiounszäit)

Oflaf

✱ **Preparatioun (an engem anere Raum)** **15 Min.**

Dir kritt en Dokument mat Informatiounen iwwert en Thema. Dir liest dëst a preparéiert eng kuerz Presentatioun doriwwer. Duerno presentéiert Dir dëst virun de Préiwer.

✱ **Mat de Préiwer**

1. Deel: **+- 10 Min.**

Presentatioun vun engem Thema + Gespréich

Dir presentéiert dëst also elo virun de Préiwer.(maximal 5 Minutten) an da féieren d'Préiwer e Gespréich mat Iech iwwert datselwecht Thema .

2. Deel: **+- 10 Min.**

Gespréich iwwert en (anert) Thema

D'Préiwer proposéieren Iech zwee Themen, wouvun Dir Iech eent eraussiche kënnt. Dir schwätzt fir d'éischt eleng iwwert dës Thema (allgemeng) an duerno hutt Dir nach e klengt Gespréich mat de Préiwer.

Hei gëtt et keng Preparatiounszäit. Dir schwätzt spontan.

Lëtzebuergesch als Friemsprooch
2. Diplom (B2)

Mëndlechen Ausdrock

Méi detailléiert Informatiounen zum éischten Deel

Dir sollt eng kleng Presentatioun preparéieren. D'Préiwer stellen lech duerno och e puer Froen dozou.

Méiglech Iddie fir d'Presentatioun z'organiséieren:

- Beispiller oder Erfarungen domat
- sozial an eventuell ekonomesch Aspekter
- Argumenter, déi dofir schwätzen
- Argumenter, déi dogéint schwätzen

- Dir sollt Är perséinlech Meenung dozou ausdrécken.

Dir hutt 15 Minutten Zäit, fir lech virzebereeden. Dir kënnt Är Notize während der Presentatioun an dem Gespréich benotzen.
D'Presentatioun soll ongeféier 5 Minutten daueren an d'Gespréich heiriwwer dauert dann nach eng Kéier ëm déi 5 Minutten.

Thema:

Beispill: "Work and travel - schaffen a reesen"

Dir kritt Dokumenter, fir lech z'inspiréieren. Kopéiert den Text awer net Wuert fir Wuert. Dréckt lech an Ären eegene Wierder aus.

Lëtzebuergesch als Friemsprooch
2. Diplom (B2)

Schrëftlechen Ausdrock

Dir sollt op en Text reagéieren, z.B. op en Artikel aus enger Zeitung. Gebraucht mindestens 180 Wierder dofir. Dir hutt maximal **45 Minutten** Zäit. Dir dierft deen Ament Ären Text op engem Blat virbereeden, awer Är definitiv Versioun musst Dir op d'Prüfungsblat schreiwen. Béid Blieder gi selbstverständlech vum INL gestallt.

Dir dierft keng Hëllefsmëttel benotzen. (keen Dictionnaire an och keng Grammatik etc.)

Wann Dir fäerdeg sidd, da gitt Dir w.e.g. alles zesummen of. Och d'Virbereedungsblat.